

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 7. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N°3774 preziséiert den Här Policeminister, datt et der Police net bekannt ass, datt am Hibleck op d' "personnes suseptibles d'avoir participé à une infraction" Statistiken iwwert d'Nationalitéit an de Wunnsätz vun dëse Persoune gefouert ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Justizminister:

1. Ginn am Kader vum gesamte Justizapparat Statistiken iwwert d'Nationalitéit an/oder de Wunnsätz vu Persoune gefouert, déi en Delikt oder Verbrieche begaangen hunn?
2. Wa jo, wéi eng Erkenntnesser hunn sech an deem Kontext aus deene leschte Statistiken erginn?
3. Wann nee, ass et an den Ae vun der Madamm Justizminister am Kontext vun engem transparenten a professionelle juristeschen Opschaffe vun Delikter a Verbriechen net noutwenneg, esou Statistiken erstellen ze loossen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten